

1 op ee bléck

3 editorial

Hohoho -
Chrëschttagstraditiounen uechter d'Welt

7 pedagogie

Orientation@epf.lu

10 d'liewen um fieldgen

Diplomiwwerreechung 2023

Fête du mérite

Table ronde politique

EPAS: Un échange entre *Senior et Junior*
Ambassadors originaires de 4 nations

Gedenkfeier vum 1. Jiddeschen
Deportatiounszuch

Getting Started - School Exchange mit der
Cotter Highschool

Tatata-taaaaaaaaaaaa!

Ein Tag nur für uns

Teambuildung 7^{es}

En Dag op der Robbesscheier

„Er hat geraucht und viel gehustet“

Poèmes sur l'amour

Wat ass Philosophie?

Ein Paradies für Wasserratten

epFit

Option photographie

fieldgen for future 56

Label 2 fir de Fieldgen

De Fieldgen, eng nohalteg Schoul

iwwer gott an d'welt 60

Huel der Zäit

bei kaffi a kuch 61

Interview mam Maggy Klein

internat 63

En neien Chillraum am Internat

Rallye duerch d'Stad

aus dem CDI 65

Halloween am CDI

scho gewosst 67

70 Jahre Yad Vashem

photo-revue 66

zu gudder läscht 72



SCAN ME

Save the dates

Janvier 2024

13

8h00 - 12h00

Journée des
parents

Avril 2024

30

16h00 - 19h30

Porte ouverte
1

Mai 2024

4

9h00 - 12h30

Porte ouverte
2

seulement pour
classes supérieures
via Teams



Hohoho Chrëschtadagstraditiounen uechter d'Welt

Christiane Genewo
Deutschlehrerin



Et ass elo déi Zäit am Joer, wou et mueres nach däischer ass, wann een an d'Schoul geet, an et bal schonn erëm däischer ass, wann een de Wee fir Heem a-schléit. Dat geet esou bis den 21. Dezember. Dann ass déi längsten Nuecht am Joer, och Wantersonnewend genannt. Vun do un fänken d'Deeg un, lues a lues méi laang ze ginn, an d'Nuechte méi kuerz. Am ale Roum, awer och bei den Ägypter, de Syrer an de Griiche, gouf no alem heednesche Brauch de **25. Dezember** d'Gebuert vum Sonnégott Sol Invictus zelebriert. Chrëschtadag, am Sënn wéi mir et haut kennen, gouf et deemools nach net. Et ass eréischt de Pöpst Julius, deen zu Roum vun 336-352 no Christus Pontifex war, deen decidéiert huet, de 25. Dezember als Gebuertsdag vu Jesus Christus festzeleeën, well d'Chrëschten iwwerzeegt waren, dass Jesus Christus d'Liicht vun der Welt ass. Dëst ass eng éischt Hypothees, fir den Datum vum 25. Dezember ze rechtfertigen. Well wéini de Jesus genee gebuer ass, wësse mer net wierklech. Am 4. Joerhonnert ass dunn d'Chrëschtentum vun de réimesche Peepst a Keeseren zur Staatsreligion erkläert ginn.

Déi zweet Hypothees, firwat d'Gebuert vum Jesus de 25. Dezember gefeiert gëtt, ass e Recherchebeispill, an dat geet folgendermoossen: De 25. März géllt als Datum vun der Verkënnegung vum Engel Gabriel un d'Maria, dass si e Kand erwaarde géif. Wann een do 9 Méint derbäi rechen, da kënnt een op de Gebuertstermin vum 25. Dezember.



Zimmlech sécher ass, dass d'Fest, dat iwwergens net an alle Sproochen d'selwecht heescht, sech séier verbreet huet. Dat däitscht Wuert „Weihnachten“ berout op engem aus dem Mëttelhéichdäitsche stamenden Dativ Plural vun „zu wihen nahten“, wat esou vill heescht wéi „in den heiligen Nächten“. Ursprénglech waren domadder d'Nuechte vum 21. an 22. Dezember, der Wantersonnewend, gemengt.

Dat franséisch **Wuert Noël**, dat portugisescht *Natal* an dat italienescht *Natale* komme vum laténgeschen *Natalis*, wat esou vill heescht wéi: „d'Gebuert betreffend“. De ganze Begrëff heescht eigentlech *Natalis Domini* oder *Dies Natalis* a bedeit „Gebuertsdag vum Här“. Domadder ass Jesus Christus gemengt. Am Engleschen heescht den Dag *Christmas*, wat sech zesummesetzt aus *Christ* a *Mass*. De 25. Dezember ass also den Dag vun der Chrëschtmass.

Eréischt 1419 ass vun engem **Chrëschtbam** riets gaangen, dee mat Äppel, Liefkuch an Nëss dekoréiert war. Déi meeschten Dännebeem stoung baussen. Eréischt ëm 1800 koum déi Traditioun op, de Beemchen an d'Haus ze huelen. Käerzen um Beemche gouf et zu där Zäit nach keng, well de Wues vill ze deier war. Eréischt 100 Joer méi spéit hunn dunn d'Käerzen um Chrëschtbam d'Ae vun de Kanner un d'Liichte bruecht. Ongeféier säit 150 Joer ginn d'Beemercher mat Glaskugelen dekoréiert. An enger Legend heescht et, dass d'Iddi, faarweg Kugelen aus Glas fir de Chrëschtbeemchen hierzustellen, vun engem aarme Glasbléiser kënnt, deen sech 1847 déi deier Walnëss an Äppel net leeschte konnt, mee e säi Beemchen awer schéi wollt rëschte fir d'Fest. Hien huet dunn d'Dekoratioun einfach selwer hiergestallt.



D'Chrëschtkëndchen, dat traditionell d'Kaddoë bréngt, ass anscheinend vum Reformateur Martin Luther als Chrëschtfigur erfionnt ginn. De Luther huet jo d'Hellegeveréierung ofgeleent, an domadder och de Kleeschen, dee jo en hellege Mann war.



Nach vill méi jonk wéi d'Chrëschtkaand ass de *Weihnachtsmann*. Heen dierf net verwiesselt gi mam **Kleeschen**, deen de 6. Dezember de Kanner d'Kaddoë bréngt, och wann d'Figur vum *Weihnachtsmann* ursprénglech un där vum Bëschof vu Myra inspiréiert ass. Allerdéngs gesinn déi zwee Männer aneschtters aus. Si hu wuel allenzwee e laange wäisse Baart a rout Kleeder un. Mee während de Kleeschen e laange Mantel op de Schëlleren, eng Mitra um Kapp an e grouesse Staf an der Hand hält, als helleje Mann, huet de

Weihnachtsmann, oder de *Santa Claus* bei den Amerikaner, eng rout Zipfelmütz an e roude Boxe-Kostüm mat décke schwaarze Stiwvelen un. Wee genee de *Weihnachtsmann* erfionnt huet, dat ass net wierklech gewosst. An Däitschland gëtt en 1835 fir d'éischt an deem Lidd „Morgen kommt der Weihnachtsmann“ vum Hoffmann von Fallersleben ernimmt. Ob dat wierklech den Ursprung ass? Fest steet, dass e vun do un e staarke Konkurrent ass vum Chrëschtkëndchen fir de Mënschen hir Kaddoë fir Chrëschttag ze bréngen. An säit 1863 gëtt e kräfteg ënnerstëtzt vum amerikanesche *Santa Claus*.

D'Adventszeit dann ass déi Zäit, wou mer op Chrëschttag waarden a mer eis op deen Dag virbereeden. Fir d'Zäit bis dohinner ze verkieren, huet am Joer 1839 zu Hamburg, an Däitschland, den evangeleschen Erzéier Johann Hinrich Wichern mat verschiddene vu sengen him uvertraute Weesekanner, mat deenen en zesummen an engem Haus gewunnt huet an déi ëmmer erëm gefrot hunn, wéi laang et nach géif dauere, bis et Chrëschttag wier, en Holzkranz aus dem Rad vun enger aller Kutsch gebastelt. Dorobber huet hien 19 rout a 4 wäiss Käerze gestallt. All Dag



am Advent ass eng rout Käerz ugefaange ginn, all Adventssondeg eng wäiss. Ob dës Manéier konnten d'Kanner also d'Deeg bis Chrëschttag zielen. Esou war de Virleefer vum **Adventskranz** gebuer. Ëm 1900 dunn huet sech de Kranz, dee vun do un aus Dänneäscht gemaach gouf an nëmme 4 Käerze méi hat, eng fir all Woch bis Chrëschttag, a ganz Däitschland duerchgesat.

Deen éischten Adventskalenner ass genee 120 Joer al. Hien hat 24 Felder, ob déi d'Kanner an der Adventszeit all Dag, bis Chrëschttag eppes pechen oder mole konnten. Méi spët dunn huet de Kalenner Diererkritt, hannert deenen ee sech all Dag e Stéck Schockela erausfësche kann.



Chrëschttag ass da virun allem e **Familljefest**, dat ongeféier säit 150 Joer esou gefeiert gëtt, wéi mir et elo kennen. Dat war also net ëmmer esou. Am Mëttelalter zum Beispill ass Chrëschttag ëffentlech gefeiert ginn. An de Stroosse gouf et Chrëschtmäert an et goufe Krëppespiller opgefouert bis et zur Zäit vun der Oplklärung, verbuede gouf, well d'Autoritéiten doranner en Zeeche vun Aberglaube gesinn hunn. Sou koum et, dass d'Chrëschtfeieren net méi ëffentlech zelebréiert goufen, mee an der Famill. An et gouf zu engem vun de wichtegste Familljefester iwwerhaupt, an deem Fridden an Harmonie grouss geschriwwen goufen. Am Zentrum stoungen d'Kanner. Si hu vill Kaddoë kritt, mee se hunn awer och misste brav sinn. Dës Mentalitéit spigelt sech nach bis haut an der Adventszeit erëm. Kanner, déi net brav sinn, kréien näischt. Et lount sech also, sech gutt ze schécken.

Wéi gëtt dann elo an deene verschiddene Länner gefeiert?

An Däitschland zum Beispill ass et net vill anescht wéi bei eis zu Lëtzebuerg. De 24. Dezember owes trëfft sech d'Famill fir ze iessen. De Beemchen ass gerëscht, an d'Kaddoë ginn ausgepaakt. D'Lëtzebuerger iessen traditionell op Hellegowend eng Dinde. Bei deenen Däitsche gëtt déi de 25. zervéiert, während si den Dag virdrunn Wirschtercher mat Gromperenzalot opdëschen. Ëm Mëtternuecht gëtt an der Kierch eng Chrëschtmass gefeiert, déi besonnesch

schéin ass an déi ganz staark besicht ass. Méi fréi am Owend, ier d'Kaddoen opgemaach ginn, ginn d'Eltere mat de Kanner an d'Mass, fir sech d'Krëppespill unzekucken, dat d'Geschicht vun der Gebuert vu Jesus Christus erzielt.

Chrëschtdag ass eent vun deene wichtigste Fester am Kalenner vun engem Chrëscht.

A Frankräich ass et de *Père Noël*, deen der Traditioun no de Kanner de 25. Dezember hir Kaddoë bréngt. Dofir hunn se awer den Dag vir-dru missen hire Schong ënnert den Dännebeemche stellen. Et gött gezielt, dass de *Père Noël* nuets duerch de Kamäin an d'Haus kënnt. Wann d'Kanner dann all hir Geschenker ausgepaakt hunn, da gött et eng *Bûche* z'iessen. Déi Traditioun kenne mir och hei zu Lëtzebuerg. Mee wou kënnt se hier? No engem heednesche Brauch soll bei der Wantersonnewend e risegt Stéck Holz, zu Éiere vun der Sonn, verbrannt gi sinn. Dat Stéck Holz war anscheinend esou grouss, dass et gebrannt huet vum 24. Dezember bis d'neit Joer. Doduerch war et waarm an hell am Haus, an d'ganz Famill souz ronderëm d'Feier. Fir dass dëse Brauch weider konnt bestoe bliwen, huet e fransésische Bäcker 1945 e Kuch erfondt, deen d'Form vun engem Stéck Holz huet. Dës *Bûche* gehéiert souwuel a Frankräich, wéi och zu Lëtzebuerg zum traditionelle Chrëscht-tiessen derzou.



An England an an den **USA** kënnt de *Santa Claus* an der Nuecht duerch de Kamäin an d'Haus a stécht d'Kaddoën an d'Strëmp, déi d'Kanner un de Kamäi gehaangen hunn. Als Festiesse gött et Dinde.

An de skandinavesche Länner **Dänemark** a **Schweden** gött fir d'éischt ronderëm de Chrëscht-bam gedantz, ier d'Kaddoë verdeelt ginn. Als Dessert gött hei e Mëllechräis zerwéiert, an deem eng Mandel verstoppt gouf. Ween déi Mandel kritt, dee kritt nach en zousätzleche Kaddo.

An Italien kréien d'Kanner hir Geschenker de 6. Januar an zwar vun der Hex Befana. D'Legend erzielt, dass d'Hex Befana, genee wéi déi dräi Kinneken, d'Jesuskand am Stall besiche wollt. Well se awer ze spéit dru war, huet se de Stär vu Bethlehem verpasst, deen hir de Wee hätt soll-

te weisen. Well si ëmmer nach op der Sich nom Jesuskand ass, flitt si vun Haus zu Haus a léisst de Kanner Geschenker an de Strëmp, déi se den Dag vir-dru erausgehaangen hunn. Heiansdo fannen se a Plaz vun engem schéine Kaddo e Stéck schwaarz Kuel. Dat kruten se, wann se sech guer net geschéckt hunn.



A Russland, Slowenien a **Bulgarien** ass et de Papa Frascht (*Väterchen Frost*), deen an der Nuecht vum 31. Dezember op den 1. Januar, zesumme mat senger Enkelin *Snegurotschka*, wat ee mat Schnéiflack iwwersetze kann, de Kanner hir Kaddoe bréngt. Hie regéiert iwwer Keelt a Schnéi, a wat e mat sengem Zep-ter beréiert, gefréiert zu Äis.

Well et esou vill Aarbecht ass, all déi Kaddoen ze verdeelen, sinn an **Island** gläich 13 kleng Trollen ënnerwee. Dat ganz Joer iwwer liewen se, zesumme mat hirer Mamm, der Trollfra *Gryla*, an de Bierger an enger Hiel. Mee tèschent dem 12. an dem 24. Dezember kommen se do eraus a bréngen de Kanner Séissegkeeten a kleng Geschenker. Dofir mussen d'Kanner awer hire Schong erausstellen. An et wier net schlecht, wann se eng Klengegkeet z'iesse fir den Troll an de Schong géife leeën, well mat e bësselche Pech fannen se soss deen Dag drop a Plaz vun enger Séissegkeet eng al Gromper am Schong.

An Holland gött de 24. Dezember Hellegowend gefeiert. Kaddoë ginn et keng, well de 6. Dezember ass de *Sinterklaas* extra mam Schëff aus Spuenien ugereest fir de Kanner eng Freed ze maachen. Wee sech guer net geschéckt huet, kritt vum *Zwarte Piet* eng Rutt. Bei äis zu Lëtzebuerg ass d'Traditioun änlech, just dass de Klee-schen a säi schwaarze Gesell, den Housécker, net mam Schëff kommen, mee mam Zuch. Vun deem Moment un d'Kanner de Schong setzen. Wa se sech gutt geschéckt hunn, da läit Mueres eng kleng Schneekechkeet dran, wa se net brav waren, dann huet den Housécker eng Rutt do gelooss.

An spuenesche Katalonien kommen d'Kaddoën op eng ganz ongewéinlech Manéier bei d'Kanner. Den *Tio de Nadal* ass e klengen Holzklotz mat 2 Been, engem



opgemoolte Gesiicht an enger roudere Mutz. Ausserdeem ass hien an eng Decken agewéckelt, fir dass et him net kal gëtt. Vum 8. Dezember bis Chrëschttag fidderen d'Kanner den *Tio de Nadal* mat Uebst a Brout. A sengem Bauch soll sech dat dann a Schockela an an aner Séissegkeete verwandelen. De 25. Dezember schloen d'Kanner mat engem Stéck Holz op den *Tio de Nadal* a sangen e Lidd. Dobäi fuerderen se hien op, d'Séissegkeeten elo erauszeréckelen.

A wéi feieren se an **Australien**? Schliisslech ass et do Héichsummer, wa mir hei an eise Géigenden hoffen, dass fir Chrëschttag Schnéi läit. Ma d'Australier feieren am Short an am Bikini. Si treffen sech de 25. Dezember op der Plage a maachen eng grouss Grillparty. Mat dobäi ass awer e Chrëschtbeemchen, deen dekoréiert a beliicht ass.

A wéi feiert dir doheem Chrëschttag?
Iech all e ganz schéint Fest.



SCAN ME

Orientation@epf.lu

Chaque lycée dispose d'une cellule d'orientation et d'intégration chargée de l'accompagnement du jeune dans son processus d'orientation.

« L'orientation se réfère à une série d'activités qui permettent au citoyen, à tout moment de sa vie, d'identifier ses capacités, ses compétences et ses intérêts, de prendre des décisions éclairées en vue du choix de ses études et formations ainsi que de ses activités professionnelles et ceci avec le souci conjoint de servir l'épanouissement de sa personne et le développement de la société. » (FORUM Orientation)


Voici les différents aspects à prendre en compte pour faire son choix professionnel :



Faire le bon choix... ce n'est pas facile ! Quelques activités peuvent aider :

- Les **stages en entreprise** : Chaque expérience professionnelle est une bonne expérience. Les jeunes sortent de leur zone de confort et font leurs premiers pas dans un métier qui sera peut-être le leur plus tard. L'expérience leur montre les avantages et les inconvénients du métier de leurs rêves. Certains stages sont obligatoires et d'autres peuvent avoir lieu pendant les vacances. Pour plus d'informations veuillez contacter Nicole Sertznig (nicole.sertznig@epf.lu)
- L'**accompagnement** et les **entretiens individuels** avec les régents-accompagnateurs : Au cycle inférieur de l'ESG par exemple, chaque élève a un accompagnateur qui aide à se poser les bonnes questions quant au choix professionnel.
- Les **tests psychologiques** du SePAS sont un outil intéressant pour avoir un aperçu des capacités des jeunes. Ceux-ci sont faits en classe de 7^e et 5^e. Les résultats peuvent être discutés avec une psychologue du SePAS de l'école.
- La **journée des parents** (2 décembre 2023) : Cette matinée offre la possibilité aux parents de parler à tous les enseignants, car ils sont également acteurs dans l'orientation de leur enfant.
- Les **Portes ouvertes des lycées** donnent la possibilité d'accéder à des informations plus pertinentes sur les différentes sections offertes par les établissements.
- La **YEP Schoulfoire** : une visite de cette foire, qui rassemble les écoles et le monde du travail, est une plateforme intéressante pour apprendre à connaître quelque chose de nouveau.
- Lors de la **Matinée Info Emploi** des intervenants externes viennent témoigner de leur métier.
- Les **tests d'intérêts** : typologie de Holland, *Basic Check* et *Talentcheck*.

En plus du plan A, il faut souvent réfléchir à un plan B voire un plan C.



Chaque jeune est l'artisan de sa carrière et de sa vie. Cela ne signifie pas qu'il est seul!

Osez donc demander aux intervenants de l'orientation du Fieldgen de vous aider.

Vos régents-accompagnateurs

Le Service psycho-social et d'accompagnement scolaire (sepas@epf.lu)

La cellule d'orientation du Fieldgen (orientation@epf.lu):

Joyce Afonso - David Claus - Frank Hans - Valérie Kappler - Laurent Larosch -
Marianne Lauer - Mandy Marques - Helena Martins - Nicole Sertznig



Edena Eutropi
3C-C

Feedback Engineering Trainee Day

Zwee Deeg, vum 30. bis den 31. Oktober, hunn ech am Kader vun den *Engineering Trainee Days 2023 am SpaSys (Space Systems Engineering) - SnT, UniLu am Secteur d'activité aéronautique/aérospaciale* verbruecht.

Dofir hunn ech mech missten iwwert eng Internetsäit vun der Organisatioun *Jonk Entrepreneuren Luxembourg* umellen. Duerno krut ech dann eng Bestätegung, an där drastoung, bis wéini een de Kontrakt an alles ënnerschreiw misst. Dobäi hat ech awer Schwierigkeete mat mengem Koordinator, sou dass meng Umeldung bal net zustane komm wär. D'Mme Nicole Sertznig, Orientatrice um Fieldgen, wéi och d'Mme Valérie Clement vun der Organisatioun *Jonk Entrepreneuren Luxembourg*, hunn sech mat vill Gedold ëm alles gekëmmert a mer de ganzen Stage schlussendlech nach erméiglecht. Hinnen nach eemol e grouse MERCI!!

Déi zwee Deeg, am Géigesaz zu der Umeldung, waren awer perfekt. Organisatoresch war et immens, ech krut z.B. e Programm, wou ech ganz

exakt konnt gesinn, wat ech wéini géing maachen. Ech hu vill bäigeléiert a gouf och an all Beräich mat abezunn. Mol hate mer méi Theorie a Presentatiounen, mol konnte mer selwer mat hire Maschinnen en Chip zesumme setzen. Et war e ganz intensive Stage, net sou een, deen ee mécht während der *Semaine Projet*, wou éischer Besichtigungen a Presentatioune vu verschiddene Beruffer gemaach ginn. Et sinn extra Leit vu friemen Unie komm, dorënner waren och Wëssenschaftler, déi sech extra Zäit fir eis geholl hunn. Nëmme déi beschte Leit hunn eis déi verschidde Secteuren erkläert. An där Grupp, wou ech war, hu mir zum Beispill zwou Stonne laang d'Astrophysik a schwaarz Lächer erkläert kritt vun engem Spezialist, deen aus dem Süde vu Frankräich komm ass, extra fir eis.

Et war wierklech eng positiv Erfahrung, an ech fannen och, dass d'Organisateure vun der Uni sech immens vill Méi ginn hunn, fir dass mir eppes an eisem Stage léieren an e bleiwenden Androck dovunner behalen.



Diplomiiwwerreechung 2023

Ried vun eiser Directrice, dem Sylvie Wagner

Ech begréissen de Representant vum Minister, den Här Lacour,

d'Representante vun der *Chambre de commerce*, d'Madamm Dos Santos, an d'Representante vun der *Chambre des salariés*, d'Mme Olinger,

Professeren, Représentant vun der Schoulgemeinschaft, Eltere, Frënn,

léif Primanerinnen a Primaner, haut geet et em lech,

mat Stolz a mat grousser Freed stinn ech haut virun lech als Direktesch, fir d'éischte Kéier fir mech a fir lech natierlech och. Et ass ëmmer e ganz besonneschen Dag, lech hei ze feieren, mir freeën eis, ëmmer erëm ze gesinn, wéi aus de klenge Septien da flott, engagéiert a sympathesch Primanerinnen a Primaner ginn. D'ganz Schoulgemeinschaft ass hei fir Är haart Aarbecht, Äre ganzen Asaz dëst Joer an déi Jore virdrun ze éieren.

Permettez-moi tout d'abord de féliciter chacun d'entre vous, car vous avez atteint une première étape importante dans votre vie scolaire. Aujourd'hui, nous célébrons non seulement l'obtention d'un diplôme, mais aussi votre voyage, vos défis et vos réalisations. Vous avez travaillé dur, vous avez relevé des défis, vous avez fait face à des moments de doute, de découragement, de revers, mais vous avez toujours persévéré et continué à avancer. « La vraie réussite ne consiste pas à atteindre des sommets, mais à savoir rebondir après chaque chute. » - Confucius

Aujourd'hui, vous récoltez les fruits de votre engagement et de votre détermination.

Ce diplôme du baccalauréat représente bien plus qu'un simple bout de papier. Il est le symbole de vos compétences, de vos connaissances et de votre capacité à relever les défis de demain. Vous avez acquis des compétences académiques, mais également des compétences interpersonnelles et des qualités qui vous aideront à réussir dans tous les aspects de votre vie. Vous avez appris à être résilients, à travailler en équipe, à penser de manière critique et à être curieux du monde qui vous entoure. Ce sont des atouts inestimables qui vous serviront tout au long de votre vie.

Cependant, nous devons nous rappeler que le chemin que vous avez parcouru jusqu'à présent n'a pas été sans l'aide de nombreuses personnes qui vous ont soutenus. Je tiens à exprimer ma profonde gratitude à tous les enseignants et membres du personnel de notre lycée. Leur dévouement, leur passion et leur engagement envers votre réussite sont inégalables. Ils ont été là pour vous guider, vous encourager et vous inspirer à donner le meilleur de vous-même.

Mais n'oublions pas non plus vos parents, votre famille et vos amis. Ils ont été vos piliers de soutien, votre source de motivation et votre plus grand encouragement. Ils ont cru en vous, même lorsque vous doutiez de vous-même. Croyez-moi, en tant que parents ce n'est pas toujours facile! Prenez un moment aujourd'hui pour les remercier, pour leur montrer votre gratitude et





pour leur dire combien leur amour et leur soutien ont été précieux tout au long de ce parcours.

Maintenant, en tant que diplômés du bac, vous êtes sur le point de vous lancer dans une nouvelle étape de votre vie. Vous allez explorer de nouveaux horizons, poursuivre des études supérieures, entrer sur le marché du travail ou peut-être prendre une année sabbatique pour découvrir le monde. Quel que soit le chemin que vous choisirez, je vous encourage à poursuivre vos rêves avec passion et détermination. N'ayez pas peur de prendre des risques, de sortir de votre zone de confort et de défier les attentes qui vous sont imposées. Vous avez le pouvoir de façonner votre propre avenir, mais n'oubliez pas d'apporter des changements positifs dans le monde qui vous entoure. Nous essayons au Fieldgen pendant ces années que vous passez chez nous, de vous montrer l'importance de l'engagement, engagement solidaire, engagement pour le développement durable, engagement qui demande souvent du courage, mais nécessaire pour préserver notre environnement et notre société. Le monde a besoin de votre audace et de vos talents. Le monde vous appartient: allez-y, explorez, créez et laissez votre empreinte.

« Les rêves deviennent réalité si nous avons le courage de les poursuivre. » - Walt Disney

Zum Schluss wëll ech lech drun erënneren, datt Äre Lycée ëmmer fir lech wäert do sinn. Mir si stolz drop, lech begleet ze hunn, mat lech ge-

laacht, gefeiert an och gekrasch ze hunn. Mir sinn do fir lech, fir lech och op Ären zukünftege Weeër ze ënnerstëtzen. Vergiesst net a Kontakt ze bleiwe mat eis, mat Äre Kolleegen a Frënn, déi Dir lech hei gemaach hutt, verschiddener wäerte sécher Kolleege fir d'Liewe ginn, där brauch een. Denkt drun eis ze besichen, op de Chrëschtbasar laanscht ze kommen oder un aneren Evenementer vun der Schoul, wéi den *Info Emploi* deel ze huelen. Och d'Anciens vum Fieldgen si frou, nei Memberen opzehuelen, an Dir kënt lech och an de Facebook-Grupp *Golden Oldies* mellen.

Deelt och Är Erfolleger mat eis, Äre Succès ass eis gréisste Belounung. Mir freeën eis all Kéier, wa mir lech duerno op Ärer Aarbechtsplaz oder an engem Engagement erëmbegéinen.

Am Numm vun der ganzer Ekipp vum Fieldgen wëll ech lech nach eng Kéier häerzlech gratuléieren fir dëse Succès. Äre Premièresdiplom ass de Start vun enger neier Aventure mat onendleche Méiglechkeeten. Net ëmmer fënnt ee säi Wee direkt, oft ass et iwwert Ëmweeër, sou wéi déi mannste Stroossen nëmme riichtaus sinn, mee vill Kéieren a Kräizungen hunn. Dat mécht d'Liewe spannend an interessant!

Ech sinn iwwerzeegt, datt Dir weider stralen a grouss Saache realiséiere wäert. Häerzlech Felicitatiounen, léif Laureatinnen a Laureaten!

Merci.

Ried vum Sara Cardoso Gomes a Caroline Kütten

Schéine gudden Owend.
léif Direktioun,
léif Éieregäscht, Proffen, Elteren
a Primaner,

haut ass een Dag, op deen net nëmme vill Schüler gewaart hunn, mee och sécher vill houfreg Elteren. Dësen Owend erlaabt et eis Premièreschüler ee Kapitel erfollegräich ofzeschléissen a fir verschidderer fänkt domadder och een neit un.

Éier mir dës nei Etapp am Liewen op eis duerkomme loossen, wollt ech kuerz op eis Zäit um *Fieldgen* zeréckkucken. Ob Septième huet dee ganze Spaass ugefaangen. An lo, 7 Joer méi spéit, wien hätt et geduecht, sätze mer endlech hei am Sall vun der Diplomiwwerreechung.

Et ware 7 Joer mat villen Emotiounen, déi mol positiv, mol manner positiv waren, mee et ware virun allem och 7 Joer, déi ech zumindest net sou schnell vergiesse wäert. Verhale wäert ech mir virun allem de moralesche Support vun de Proffen, deen si eis während der Lycéeszäit offéiert hunn.

Elong nëmme aus dem leschte Schouljoer kéint ech zuelräich Beispiller nennen:

Lifelessons mat der Miss B, déi all hire Schüler virum Examen e perséinleche Bréif geschriwwen huet. Éierbar a lëschtég Physikscoursen mat der Madamm Nilles. Chaotesch awer produktiv Mathésstonne mam Här Dumont, dee senge Schüler gäre mol eng oder déi aner Séissegkeet an och emol eng Mëtsch geklaut huet.

Verkleedungen an d'Spréch vun der Madamm Steil, déi eis ëmmer erëm zum Laache bruecht hunn. Chimiescours mat der Madamm Faack an

dem Här Santer, wou tëscht seriësem Schaffen och emol een oder deen anere Witz eis opge-montert huet.

An net ze vergiessen, eis Rees op Köln mam Här Arnold, déi definitiv och an Erënnerung bleiwe wäert. Dem Här Carion seng *Marshmallows* waren een Highlight vun de Franséischcoursen an d'Madamm Scholtes hat ëmmer fir alles een oppent Ouer. Ee grouse Merci un d'Madamm De Giorgi, déi un all eenzele vun hire Schüler gegleeft huet a mat hinnen duerch déck an dënn gaangen ass.

Ee grouse Merci geet awer och un d'Madamm Petry, den Här Linden an den Här Engelmann, déi ëmmer nogelauschtert an d'Schüler ënnerstëtzt hunn, wann et engem net esou gutt gaangen ass.

Villmools Merci un all Proffen, déi eis gehollef hunn, haut an dësem Sall unzekommen. Net ze vergiessen eis Direktioun an och dat ganz Personal aus dem Fieldgen, déi et eis méiglech gemaach hunn, erfollegräich mat der Schoul ofzeschléissen. Dozou gehéiert natierlech och d'Kach- an d'Botzpersonal, sou wéi d'Madamm Elisabete an hir Aarbechtskolleegin aus der Cafeteria.

Stolz si kënnen awer virun allem d'Primaner, déi no all deem Drock a Stress vun den Examen endlech fäerdeg sinn an elo een nächste Schrëtt am Liewe maachen. Och wa mir elo ganz aner Weeër ginn, aner Leit kenne léieren, eis weider entwéckelen, vergësst een ni déi wonnerbar Leit, déi een hei um *Fieldgen* kenneléieren duerft.

Mir gleewen un lech, a mir wënschen lech alles Guddes fir Är Zukunft.



Sara Cardoso Gomes



Caroline Kütten

Ried vum Mariana Portelada

Chère direction,
chers professeurs,
chers élèves et chers invités,

Je vous souhaite chaleureusement la bienvenue.

Pour tous ceux qui ne me connaissent pas encore, mon nom est Mariana Portelada et je suis la présidente du *Premièrescomité*. Oui, je suis celle qui vous a énervés tout au long de l'année avec ses longs messages sur *Teams* que probablement personne n'a lus jusqu'à la fin. Donc aujourd'hui je vais essayer d'être brève, mais je ne peux rien promettre, car j'ai comme toujours beaucoup à dire.

Comme tout au long de ma carrière scolaire, j'ai aujourd'hui aussi écrit mon discours à la dernière minute. Ecrire un discours est une des choses qu'ils ne vous apprennent pas à l'école donc je suis allée sur *chatGPT* comme plusieurs fois cette année et j'y ai cherché de l'aide, donc on va voir maintenant si les instructions ont été bonnes.

Être présidente du *Premièrescomité* n'était sûrement pas une tâche facile. Il y avait des complications, des discussions et de l'incompréhension. Mais à la fin c'était aussi une des meilleures expériences. Je pense que je peux parler pour tous les membres quand je dis qu'on a appris beaucoup de choses pendant cette dernière année, même peut être des choses pour la vie. J'ai eu la chance d'apprendre à connaître de magnifiques personnes qui m'ont soutenue moi et notre projet tout au long de cette année. A ce point-ci j'aimerais remercier tous les membres du *Premièrescomité* pour leur travail tout au long de l'année, sans vous ceci n'aurait pas été possible !

La quantité de gâteaux qu'on a fait cette an-

née-ci! On a vendu du gâteau une fois par semaine presque tout au long de cette année, on a organisé *Halloween*, *Kleeserschersdag*, carnaval et nous avons chamboulé l'école en mai. On voit que cette année chaotique prend fin quand notre dernier évènement, le bal de promo, aura lieu aujourd'hui, dans quelques heures. Je suis vraiment fière de ce que nous avons accompli cette année.

Maintenant j'aimerais également remercier la direction, qui nous a soutenus tout au long de nos projets, nos professeurs et tous les élèves de l'école qui ont acheté un morceau de gâteau chaque semaine. Et j'aimerais aussi remercier l'équipe de la cuisine qui nous a plusieurs fois accueillis chaleureusement dans leur cuisine pour que nous puissions faire nos gâteaux. Merci !

Maintenant j'aimerais passer à un sujet qui me tient à cœur: la santé mentale. Beaucoup de larmes ont été versées cette année, certains d'entre nous ont peut-être fait des crises d'anxiété ou même de panique. On a tous ressenti cette pression de devoir réussir du premier coup, pour certains c'était la pression de réussir à la deuxième ou troisième tentative et pour d'autres c'était de réussir avec une mention très bien ou excellent. Si vous y réfléchissez bien, vous réalisez que le moment où vous réussissez votre bac n'a pas vraiment d'importance. La seule chose qui importe est si la façon que vous vivez votre vie vous rend heureux. C'est pourquoi il est important que vous ne laissiez pas cette pression vous briser. Il y a des moments dans votre vie où vous ne vous sentez pas tellement heureux, ces moments reviendront plusieurs fois, car ceci est humain. C'est pourquoi il est important d'exprimer vos émotions et d'en parler. Ne laissez pas



Marianna Portelada Incio



vos émotions vous étouffer. Mais même si vous avez l'impression que c'est trop tard car vous êtes déjà entrain d'étouffer, je vous promets que ce n'est jamais trop tard. Ce n'est pas facile de s'en sortir. Une prof m'a un jour dit « le progrès n'est pas linéaire ». Cette phrase m'a marquée et j'y pense tous les jours.

A ce point-ci j'aimerais remercier tous les professeurs qui voient plus qu'une note sur 60 dans leurs élèves et qui les ont soutenus tout au long de leur carrière scolaire.

Personnellement j'aimerais également remercier mes amis et ma famille qui ont toujours été là pour moi, je vous aime. N'oubliez jamais de dire à vos proches à quel point ils vous tiennent à cœur.

Comme peut être quelques-uns d'entre vous savent déjà, je ne vais pas recevoir mon bac avec vous tous aujourd'hui. La période des examens m'a tellement manquée que j'ai décidé de revenir en septembre pour en écrire encore quelques-uns. Je suis tellement fière de vous tous, vous qui allez recevoir votre diplôme aujourd'hui mais également de ceux qui ne peuvent malheureusement pas être là aujourd'hui. Je vous souhaite tout le meilleur pour votre avenir. Et qui sait, peut-être nos chemins se croiseront encore une fois dans le futur !

PS: À tous les redoublants de cette année, je crois en vous, vous êtes des personnes intelligentes, et nous allons réussir ensemble, en prenant le temps nécessaire pour y parvenir.

1C-ADG



1C-C



1G-CG



1G-SN



1G-SO1



1G-SO2



1G-SO3



1TPCM





DC3AV

Félicitations!



Fête du mérite

Den 10. Juli 2023 goufen, am Kader vun eiser *fête du mérite*, Schüler*inne fir hir gutt Schoulresultater a Schüler*inne, fir hiert Engagement ausgezeechent. Felicitatiounen lech alleguer!

E grouse Merci geet un eis Elterevereinengung, déi all Schüler-inne e Bong vun 30 € spendéiert huet.

Elèves méritants

2C-A	Ramedovic Amina	49	3G-SO3	Do Nascimento Alex	51
2CL-C	El Hammiri Sonia	54		Khan Sofia	50
	Meurisse Victoria	54		Schmit Keana	47
2C-C	Aihi Pereira Sofia	50	3G-SO4	Diedenhofen Charel	52
	Tsekoura Dimitra	48		Episcopo Leo	49
2C-D	Leal Dos Reis Catarina	48		Fernandes De Sousa Sara	47
2C-G	Dias Silva Castro Anaïs	52		Ferreira Barroso Beatriz	51
	Martins Cipriano Jessica	46		Pohu Louis	53
	Santer Claire	51	DC2-AV	Barbosa Gabriel	
	Vigerstaff Natalie	52		Goerend Nora	
2G-CG1	Marques Macieira Laura	47		Weber Lobo Noélie	
2G-CG2	Bordignon Sarah	46	4CL	Araújo Angela	51
	Fouttough Wafa	48		Da Costa Lucas	56
2G-SO1	Carvalho Dos Reis Laura	53		Daunois Salomé	52
	De Luca Rosalia	50		Faten Nguyen Valérie	50
	Évora Gomes Luana	49		Schmitz Mathilde	53
	Gabellini Guillemette	46	4C1	Assidi Chayma	54
	Wagner Celina	47	4C2	Aspden Back Nathalie	50
2G-SO2	Bruck Mia	46		Billard Myriam	53
	Grandjean Julie	49		Hellinckx Léo	53
	Scheidt Laura	46		Romero Ruiz Maria	50
2G-SO3	Monteiro Lopes Vieira Ricardo	48		Streitz Kreppert Céline	51
	Schirinzi Claudia	49	4C3	Dolar Jan	52
	Vincens Philippe	46		Pütz Nela	50
2TP-CM	Paulino Ruspicioni Sabrina			Van Assel Natascha	50
DC3-AV	De Almeida Silva Vanessa			Zhan Zoe	48
3C-A	Dos Santos Barros Bruna	51	4G-CM	Da Silva Sousa Ricardo	49
3C-C	Gomes Almeida Rafael	52		Jempfer Gigantelli Alessia	46
3G-SN	Gerson Anna	46		Jesus Delgado Tiara	48
3G-SO1	Blay Fiona	47		Portelada Allard Julia	51
	Martins Cipriano Carina	50		Sá Pereira Philip	47
	Schmitt Marie	46	4G-IG	Khatri Mandira	48
3G-SO2	Barreira Bocarra Carolina	46		Schumacher Robyn	49
	Dondelinger Laura	46		Tsekoura Marianthi	47
	Pauleta Da Silva Romeu	47	4G-PS	Guo Catherine	51
	Varino Mota Beatriz	50	4G-SO1	Ciufoletti Paul	47
				Henriques Gomes Alicia	46
			4G-SO2	Araujo Silva Carolina	49

4G-SO3	Komes Lisa	50	6C1	Diedenhofen Pol	57
	Neves De Leão Beatriz	46		De Jager Boos Liane	57
DP1-ED1	Acker Laurine			Lengyel Flóra	50
	Da Luz Fortes Kenzie		6P1	Adaga Muhammet	
	De Demo Célia			Da Fraga Araújo Adriel	
	Fortah Madariaga Erika		7C1	Alves Barroso Lara	51
	Rodrigues Marques Jessica			Boez Edith	51
DP1-ED2	Crelo Lena			Thiel Emma	51
	Rodrigues Semedo Jéssica		7G4	Englebert Thiel Lara	50
5CL	Rausch Christelle	51		Thoma Chiara	51
5C1	Harpes Anna	54		Turpin-Schneider Eeva	51
5G5	Abdurahmani Emilia	50		Zenuni Amila	52
	Bstrup Frida	54		Zune Chris	50
	Bley Touchard Tiffany	51	7G5	Jungblut Tim	52
	Colin Mathilde	50		Giersch Philippe	53
	Zenuni Alema	51		Gomes Theisen Mira	53
5G6	Chrisnach Lucy	50		Strasser Enya	50
5P	Cikotic Lea			Süllmann Théa	51
			7P1	Moreira Ferreira Wendy	



Bravo !!



SCAN ME

Helpdesk - Schüler hëllef Schüler

Diderich Tessa, 3G-SO1
Hamilton Caitlin, 3G-SO1
Simon-Lacroix Marylin, 3G-SO1
Schreiner Luana, 3G-SO1
Neyens Sam, 1G-CG

Schülercomité

Clesen Lori, 3C-A
Bettaga Timothy, 4G-SO2
Biraschi Francesca, 3C-A
Bley Touchard Tiffany, 5G5
Chivard Laly, 3G-SO4
Frantzen Klevis, 5C3
Krusko Emma, 5G6
Loffet Camille, 3C-C
Schengen Laurie, 5G7
Stochmal-Marbehant Lucie, 4G-SO2

1. Hëllef-Team

Biraschi Francesca, 3C-A
Ley Finn, 3G-SO1
Bourg Kim, 7C3

Sport

Schwarzwälder Robin, 5C2
Benoit-Henry Timeo, 5C2
Bourg Kim, 7C3

Concours - ALNU (1. an 3. Präis)

Aihi Pereira Sofia, 2C-C
Clemen Lena, 2C-C
El Hammiri Sonia, 2C-C
Giersch Michel, 2C-C
Jusufovic Amra, 2CL-C
Meurisse Victoria, 2CL-C
Mutsch Chloé, 2C-C
Pinho De Matos Jessica, 2C-C
Rassel Alex-Charles, 2C-C
Schmit Kim, 2CL-C
Tsekoura Dimitra, 2C-C

Concours - Juvenes Translatores

Tsekoura Dimitra, 2C-C

HSK2 - Examen am Chineseschen

Leal Dos Reis Catarina, 2C-D

Zivilcourage

Bah Diallo Thierno, 6G6
Bettoi Cavalcanti Mathis, 6G6
Da Luz Delgado Edson, 6G6
Huweis Ahmad, 6G6

Mérite Jeunesse

Bronze: Oualkadi Sarah, 1G-SO1
De Poulpiquet Noémie, 1G-SO1
Argent: Di Bello Luca, 1G-SO2

Moderatioun während der remise des médailles:
Chivard Laly, 3G-SO4

Fieldgen goes Solar

Agovic Dina, 3G-SO1
Hoffmann Julia, 3G-SO1
Leblanc Sarah, 3C-G
Martins Cipriano Carina, 3G-SO1
Mornet Alban, 3G-IG
Pastecchia Gioia, 3G-SO1
Reinardt Allard Lilly, 3G-SO2
Szabo Julia, 3C-A



Table ronde politique



Laurent Larosch
directeur adjoint

À l'approche des élections législatives du 8 octobre 2023, le *Fieldgen* a eu l'opportunité d'organiser une table ronde politique, grâce au *Jugendrot* et au *ZpB (Zentrum fir politësch Bildung)*, réunissant 180 élèves de Première. Les débats se sont concentrés sur les thèmes du logement et de l'éducation, deux sujets choisis préalablement par nos élèves.

Le *ZpB* avait monté au sein de l'école un stand informatif sur l'outil *Smartwielen.lu*. Pour le reste j'aimerais insister sur l'absence de tracts ou de toute autre forme de publicité politique à l'intérieur de l'enceinte de l'école, soulignant ainsi la volonté de maintenir un environnement neutre et propice à des échanges constructifs.



Après mes mots de bienvenue, la table ronde a été inaugurée par quelques courtes présentations. Ainsi Laly Chivard a introduit notre *Schülercomité*, offrant un aperçu des préoccupations des élèves de l'EPF.

Monsieur Mike de Waha a ensuite pris la parole pour représenter le *Jugendrot*, exposant les initiatives de l'organisation en faveur de la jeunesse.

Monsieur Pit Weber a présenté le *ZpB* ainsi que l'outil *Smartwielen.lu*, soulignant l'importance de l'engagement civique et de l'accès à l'pour les jeunes électeurs.

Enfin la modération de la table ronde a été assurée par Monsieur Moritz Ruhstaller, garantissant un déroulement fluide et équitable des discussions.

La table ronde a été le cadre d'une discussion passionnante, marquée par des échanges fructueux et des questions pertinentes émanant des élèves. Huit partis politiques étaient représentés, chacun par un membre engagé dans le débat démocratique:

- ADRenalin: Woroszylo Maksimilian
- CSJ: Donnersbach Alex
- déi jonk gréng: Thill Jessie
- déi jonk Lénk: Stieber Mara
- Focus : Lecuit Anne
- JDL: Degrott Jana
- Jonk Piraten: Godefroid Mathis
- JSL: Bichel Olivier

A travers cette petite contribution j'aimerais en profiter pour remercier encore une fois tous les représentants des partis politiques, tous ceux qui ont donné un coup de main au niveau de l'organisation, et en particulier le *Jugendrot* ainsi que bien évidemment nos élèves.

L'organisation de ce type d'événement me semble d'autant plus nécessaire, que nous traversons une période de crises multiples (guerres, crise du logement, montée des extrêmes, réchauffement climatique etc.) qui ébranlent nos sociétés et défient les fondements mêmes de nos démocraties occidentales.

Chaque représentant a eu l'occasion au cours de cette table ronde de partager les positions de son parti sur les questions cruciales du logement et de l'éducation, offrant ainsi aux élèves une perspective variée et complète pour éclairer leurs choix électoraux futurs. Cette expérience enrichissante a permis aux jeunes de s'impliquer activement dans le processus démocratique, renforçant ainsi leur compréhension des enjeux sociaux et politiques qui façonnent leur avenir.

d'liewen um fieldgen



Jana Degrott
JDL



Olivier Bichel
JSL



Anne Lecuit
Focus



Mathis Godefroid
Jonk Piraten



Mara Stieber
d'ei jonk Lénk



Jessie Thill
d'ei jonk gréng



Alex Donnersbach
CSJ



Maksimilian Woroszylo
ADRenalin



EPAS: Un échange entre *Senior- et Junior-Ambassadors* originaires de 4 nations



Winona Hendrickx
professeure d'histoire

Un Luxembourgeois, Robert Schuman, alors ministre français des Affaires étrangères, est un des pères fondateurs de la construction européenne aboutissant à la création de l'Union européenne qui voit le jour après la Seconde Guerre mondiale. Les valeurs fondamentales de l'Union européenne aujourd'hui sont p.ex. la liberté, la démocratie, le respect des droits de l'homme et la solidarité. Mais l'Union européenne a permis non seulement de garantir une certaine stabilité économique mais aussi de mettre en valeur la richesse de l'histoire culturelle et de la diversité linguistique en Europe.

Pour sensibiliser nos élèves à l'importance de l'Union européenne et de ses valeurs l'*Ecole Privée Fieldgen* participe régulièrement à des acti-

tivités et programmes proposés par l'*Union européenne*. Dans ce contexte 4 élèves des classes de 4^e, 3^e et 2^e ont participé à une entrevue du *European Parliament Ambassador School Programme* (EPAS) à Metz entre le 4 et le 6 octobre 2023 accompagnés de leur professeure Madame Hendrickx.

Cet événement a tissé le lien entre 120 étudiants (Junior Ambassadors) et 25 professeurs (Senior Ambassadors), originaires du Luxembourg, de l'Allemagne, de la France et de la Belgique pour réfléchir ensemble aux valeurs de l'Union européenne, au rôle du Parlement européen et à l'importance de notre participation active dans ce processus de la démocratie parlementaire européenne.

Voici le témoignage de 3 des élèves qui ont assisté à cet échange dans le contexte de l'EPAS :



Victoria Lepage
4C1

From 3rd until 6th October, 3 other students and I had the opportunity to participate in EPAS Meetings that were organized by the *European parliament*. There were teenagers from France, Germany, Luxembourg and Belgium, so it was fun getting to know new people and talking about your country to each other.

For 3 days, we did a bunch of interesting activities and fun games. We learned a lot about the European Parliament, the European elections, the members of the European Parliament and their job. It was a very good experience where we learned a lot of things in a very fun way.



Alison Pereira Martins
2C-C

The exchange was a worthy experience to have. While the schedule certainly was packed, the wonderful view of the city and most of the activities made up for it.

The best part however was to engage with so many different individuals from different countries who are like-minded. Many students liked to talk about their schools allowing us to learn more about different schools in different countries and they were fascinated by our variety of languages.

This event gave us not only the opportunity to meet new people while engaging on a topic like politics, which is usually taught in a rather dry manner, but also gave us the opportunity to use the diversity of language we learned in a singular event.

Lucas Da Costa
3CL-B



Ech sinn de Lucas aus der 3C-BC.

Ufanks Oktober hunn ech wärend 3 Deeg um EPAS Meeting zu Metz Deel geholl. Et war ee risegen Event: 4 Schüler waren do...

...vum *Fieldgen* natierlech. Am ganze ware mir zu 120.

Mir hunn zimmlech vill Aktivitéite gemaach, zesumme mat Schüler aus Frankräich, Däitschland an souguer aus der Belsch. Et konnt ee richteg vill Spaass hu mat Leit, déi een u sech guer net kannt huet, zemools well et oft einfach gemëschte Gruppe gouf, déi duerch den Zoufallsprinzip zesumme gesat goufen. Glécklecherweis hunn déi allermeeschten Aktivitéiten tatsächlech Spaass gemaach.

